N°8242
Entrée le 21.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.08.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch an den Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung weider ze leeden.

Aus diverse Gemengen gouf mir bericht, dass et Problemer an der Facturation électronique ginn, déi op de Prestataire vun dëser Facturatioun zeréck ze féiere sinn. D'Opérateurs économiques hunn ugefaangen, de Gemengen héich Fraisen ze verrechnen, déi se begrënnen mat de Käschten, déi een Abonnement beim Prestataire fir d'Facturation électronique mat sech bréngt. Eng Mesure, déi hätt solle Vereinfachunge bréngen, féiert zu méi Käschte fir Betriber, déi am Endeffekt vun der Allgemengheet gedroe ginn.

Dowéinst hunn ech folgend Froen un d'Madamm Inneministesch an den Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung:

- Sinn der Madamm Ministesch an dem Här Delegéierte Minister dës Problemer bekannt?
- Wa jo, wat gedenken d'Madamm Ministesch an den Här Delegéiert Minister dogéint ze ënnerhuelen?
- Wéi sollen d'Gemengen sech verhalen, wann se déi Fraisen verrechent kréien?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu